N° 3713
Entrée le 02.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus a vum Inneminister op d'parlamentaresch Fro n°3713 vum 3. März 2026 vum éierewäerten Deputéierten Här Marc Lies iwwert de «Kaf vun Terrainen an den Aktivitéitszone Rolach a Schaedhaff op dem Gebitt vun der Gemeng Sandweiler"**

**Un den Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus:**

**- Wei gesäit de Wirtschaftsministère dës Reprise?**

No engem Austausch mat de Verantwortleche vun der Gemeng Sandweiler betreffend déi weider Entwécklung vun den Wirtschaftszonen Rolach an Schaedhaff ass d'Iwwerleeung opkomm, dass de Staat d'Terrainen, déi der Gemeng an deenen Zonen gehéieren, kéint kafen.

**- Wat wier de Käschtepunkt fir de Staat bei enger Reprise?**

De Käschtepunkt ass fir de Moment nach net definitiv ze etabléieren an hänkt ënnert anerem of vun de Käschte vun enger zukünfteger Moderniséierung vun der Infrastruktur, de Käschten, déi eng Verdichtung vun der Bausubstanz oder eng méiglech Ausweidung vun der Zon generéieren a vun de verbonnenen Kompensatiounsmoossnamen. Et mussen an deem Zesummenhang als éischt emol nach eng Rei vun Etuden a Viraarbechte gemaach ginn.

**- Gëtt eventuell ugeduecht fir dës Aktivitéitszonen nach weider auszebauen?**

Den Ausbau vun Aktivitéitszonen fält an d'Zoustännegkeet vun der jeeweileger Gemeng. Am Kader vun hirer Autonomie communale entscheeden d'Gemengen, ob an a wéi wäit eng Ausdeenung virgesi gëtt. Falls néideg, muss de Plan d'aménagement général (PAG) respektiv de Plan d'aménagement particulier (PAP) entspriechend ugepasst ginn.

Et gehéiert allerdéngs zu de Prioritéiten vun der Regierung, d'Wirtschaftszonen am Land esou efficace wéi méiglech ze notzen. Wann de Kaf vu weideren Terraine sech ubitt, wäert de Wirtschaftsministère Studien an Optrag ginn, déi d'Méiglechkeet vun enger Ausweidung vun de besteeënden Zonen analyséieren.

**- Wéi sollt dës Aktivitéitszonen zukünfteg klasséiert ginn?**

Falls déi Zonen sollen ëmklasséiert ginn, ass et un der Gemeng op Basis vun der dann besteeënder Gesetzgebung an Reglementatioun de Prozess vum Reklassement ze encadréieren.

**- Wien ass zoustänneg a wie géif am Fall vun enger Sanéierung oder vun engem Ausbau vun der Aktivitéitszone déi jeeweileg Studien iwwert d'Ëmwelt, Waasserwirtschaft, Kommodo .asw bezuelen?**

De Proprietäre vun den Terrainen ass zoustänneg fir Studien an Aarbechte fir en Ëm- oder Ausbau an Optrag ze ginn an dës am Prinzip och ze bezuelen.

**- Wat ass déi aktuell Baudicht (COS + CUS) vun dësen Zonen a wéi eng Baudicht kéint fir d'Zukunft ugestrieft ginn?**

D'Aktivitéitszon ass am PAG an engem Plan d'aménagement particulier « quartier existant » klasséiert. An esou engem Kader ginn d'baurechtlech Bestëmmungen net iwwer Koeffizienten definéiert, wéi de coefficient d'occupation du sol (COS) an de coefficient d'utilisation du sol (CUS), mee iwwer Reegelen, déi notamment d'Gebaihéichten an d'Reculen festleeën. Déi konkret baurechtlech Bestëmmunge kënnen um Site www.geoportail.lu nogekuckt ginn.

Ier eng zukünfteg Baudicht ka bestëmmt ginn, mussen nach eng Rei Etudë gemaach ginn.

**- Mécht sech de Staat keng Suergen iwwert een zousätzlecht Verkéiersopkommes an dësem Beräich?**

D'Entwéckelen respektiv den Ausbau vun enger Wirtschaftszon ass ee komplexe Prozess, deen erfuerdert, datt d'Planifikatioun an Aklang mat de Ressourcen steet. Zu dësen Ressourcen gehéieren nieft der Energie an dem Waasser och d'Mobilitéit ronderëm de Site.

Am Kader vun der Mobilitéit sief bemierkt, datt ee Site nëmmen an deem Rhythmus a bis zu deem Mooss entwéckelt ka ginn, wéi den Zougang ka garantéiert ginn.

Generell gëllt, datt esou Aspekter analyséiert ginn, soubal d'Gemeng decidéiert, eng Prozedur zur Ännerung vum PAG respektiv vum PAP anzeleeden. Dës Aspekter sinn zu deem Zäitpunkt entspriechend ze berécksiichtegen.

**Un den Här Inneminister:**

**- Wéi gesäit den Inneminister de Verkaf vun Terrainen déi am Besëtz vun de Gemenge sinn?**

Entspriechend dem Prinzip vun der Gemengenautonomie, steet et dem Gemengerot fräi iwwert de Verkaf vun engem Gemengenterrain ze deliberéieren, soulaang dësen Terrain net am Domaine public vun der Gemeng läit an d'Immobilientransaktioun engem lokalen oder kommunalen Interessi Rechnung dréit, an dëst gemäss dem Artikel 28 vum ëmgeännerten Gemengegesetz vum 13ten Dezember 1988.

**- Muss d'Gemeng net eng detailléiert Expertise iwwert de Wäert vun dëse Parzellen**

**virleeën?**

Am Kader vum Verkaf vun Terrainen orientéiert sech de Verkafspräis am Prinzip um tatsächlechen Wäert, fir enger Gestioun „en bon père de famille" Rechnung ze droen. Sollt d'Gemeng de Wert vun de Parzellen net kennen, gëtt et am Allgemengen ugeroden eng Expertise an Optrag ze ginn.

**- Wier et net wichteg, datt d'Gemeng sech eng "réserve foncière" fir eng zukünfteg Weiderentwécklung géif abehalen?**

Entspriechend dem Prinzip vun der Gemengenautonomie, steet et all Gemeng fräi, sech fir oder géint d'Konstitutioun vun enger „réserve foncière" ze entscheeden.

Lëtzebuerg den 02/04/2026

Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus

(s.) Lex Delles